

Programme de Stabilité et de Croissance pour la période 2022-2026

Présentation à la Chambre des Députés, 27 Avril 2022

****Seul le discours prononcé fait foi****

ALEEDEND WIEDER

I. DE MAKROEKONOMESCHEN KONTEXT

- a. Dat ökonomescht Ëmfeld*
- b. Héich Investissementer*

II. D'ECKWERTER VUM PROGRAMME DE STABILITÉ ET DE CROISSANCE 2022

- a. Administration centrale*
- b. Sécurité sociale*
- c. Administration locale*
- d. Administration publique*
- e. Staatsschold*
- f. Europäesche Kader*

CONCLUSIOUN

ALEEDEND WIEDER

Här President,

Dir Dammen an dir Hären Deputéiert,

Mat der russescher Invasioun vun der Ukraine, **sinn däischer Zäiten iwwert onse Kontinent agebrach.**

Esou Biller, wéi mer se all Dag aus der Ukrain gesinn, hate mir gehofft **just nach an onse Geschichtsbicher** erëm ze fannen.

D'Zäit vum Krich, der Gewalt an der Groussmuechtspolitik ass an hirer ganzer Tragik erëm an den europäeschen Alldag **agebrueden.**

Ons Solidaritéit gëllt dem ukraineschen Vollek, dat fir seng **Fräiheet a seng Souveränitéit** kämpft.

Dëse Krich ass net nëmmen eng humanitär Katastroph. D'Invasioun vun der Ukrain ass och eng **flagrant Violatioun vun de Prinzippien** vum Internationalen Recht an domadder vun der Weltuerdnung, wéi mer se säit dem 2te Weltkrich kann hunn.

2021 war am Fong mat **Hoffnung an Zouversiicht op en Enn gaangen**. No zwee laangen Joer Pandemie hate mir geduecht **d'Luucht um Enn vum Tunnel ze gesinn**. Déi Luucht ass op eng **brutal** Aart a Weis nees **ausgeknipst** ginn.

De *Programme de Stabilité et de Croissance* – genannt "**PSC**", deen ech lech haut virstellen, **schreift** sech leider an **dése Kontext an**. De PSC ass eng Bestandsopnam vun der **budgetärer Situatioun vum Land**, déi Deel vum *Semestre européen* ass. All Land muss **virun Enn Abrëll** der **Europäescher Kommissioun** **dése Plang** ënnerbreeden, fir datt se **d'Finanzsituatioun** vun de Member-Länner **vergläichen kann**, an pro Land **Recommandatiounen** formuléieren kann.

Wéi huet sech d'Bild Ufank dës Jores zu Lëtzebuerg presentéiert?

Mir hunn dës Pandemie besser iwwerstanen wéi vill aner Länner an der EU.

D'Resilienz vun onsem Land **gouf op d'Prouf gestalt**, an mir hunn **dése Schock gemeeschtert**.

2021 ass de PIB vu Lëtzebuerg em **+6,9%** gewuess – **bal 3 Prozentpunkten méi wéi am PSC vum leschte Joer virgesinn wor**.

Well mer eng gesond Finanzsituatioun haten, hu mir iwwert déi **néideg Capacitéiten an Flexibilitéit verfüügt fir d'COVID-Kris ze packen.** Onsen **Triple-A** gouf während dësen **zwee Joer vun alle Ratings-Agencen ëmmer nees confirméiert.**

Well mer genuch finanziell Marge haten, konnte mir d'Leit an d'Wirtschaft ënnerstëtzen. **Ganzer 2,8 Milliarden Euro hu mir dofir ausginn, Stand haut.** Dëst huet **Vertrauen geschaaft, an d'Kafkraaft gestärkt.** D'Reprise huet sech Enn 2020 ugekënnegt, an iwwert **d'lescht Joer acceleréiert.**

Dëst huet sech och **bei onsen Staatsfinanzen spierbar gemaach.** 2020 hate mer nach beim **Gesamtstaat en historeschen Defizit vun 2,2 Milliarden Euro.** Fir 2021 gesinn mir elo e **Plus vun 650 Milliounen Euro.** Dat entsprécht enger Verbesserung vun bal **3 Milliarden.**

Den **Defizit** beim **Zentralstaat** konnt donieft vun 2020 op 2021 duerch **10 gedeelt** ginn. **Woren et 2020 nach 3,1 Milliarden Euro Defizit, sou leie mir 2021 bei 326 Milliounen Defizit.**

Nieft enger **rigouréiser Exekutioun** vum Budget bei den Dépensen, huet de staarken Opschwong **d'Recetten massiv ugekuerbelt.**

2021 hat **onst Land domadder d'budgetär Trajectoire** vu virun **der Pandemie erëmfonnt**. Dës **Verbesserung** hätt sech **ouni de Krich an der Ukrain weider confirméiert**, esou wéi mer dat och nach an den Zuelen fir **dat éischt Trimester 2022** gesinn hunn.

Mam Krich an der Ukraine huet sech **dëse Trend komplett gedréint**.

D'Energiepräisser, déi virdu schonn ugezunn haten, si **regelrecht explodéiert**. Zur Ofhängegkeet vun de **fossille Brennstoffer koumen** Enkpäss an de **Liwverkette** **dobäi**, iwerall op der Welt.

An esou enger Situatioun **ass et wichteg ze agéieren**. Dëst hunn mir mam **Energiedësch a mam Solidaritéitspak** gemaach. D'Mesuren entsprechen och de **Recommandatiounen** vun allen internationalen Organisatiounen: **si sinn sozial cibléiert, an an der Zäit limitéiert**.

De **Pak chiffriert sech op ronn 753 Milliounen Euro oder ongeféier 1% vum PIB**. Mam **Energiedësch** machen et **ganzer 827,5 Milliounen Euro aus**. Dozou kënn nach de Regime vun garantéierten Prêten an enger Héicht vun 500 Milliounen **dobäi**. Dat sinn am ganzen **1,3 Milliarde Euro oder 1,7% vum PIB**.

Dës ginn de **Leit an den Entreprises Vertrauen a Previsibilitéit**.

D'Regierung léisst keen **am Ree stoe**.

Dat hu mir och während der COVID-Kris bewisen.

An dësem **onsécherer Kontext**, ass et nach **méi schwéier wéi soss** fir **präzis Prognosen** opzestellen.

Fir de Budget 2022 ass de **STATEC** nach vun engem Wuesstem vun **3,5% ausgaangen fir Lëtzebuerg**. Dem STATEC seng aktuellste Previsioun läit haut nëmmen nach bei **1,4% Croissance**. **An dorop ass dës PSC opgebaut.**

Dëst alles huet natierlech och en **staarken Impakt** op d'**Staatsfinanzen**. De Budget ass vun engem Defizit vun **1,2 Milliarden Euro** ausgaangen beim Zentralstaat. **Elo ginn mer vun engem Defizit vun 1,6 Milliarden Euro aus.**

Dës Zuelen bleiwen awer eng Momentopnam, opgrond vun deene Elementer, déi dem STATEC an de Servicer vum Finanzministère zur Verfügung stoungen beim Opstellen vum PSC.

Här Präsident, Dir Dammen an Dir Hären,

Meng Presentatioun haut huet zwee Deeler.

Am éischten Deel ginn ech nach méi am Detail op den makroekonomeschen Kontext an, an deem sech dëse PSC aschreift.

Am zweeten Deel ginn ech ob d'Zuelen an op d'Eckwäerter vum PSC an.

I. DE MAKROEKONOMESCHEN KONTEXT

D'lescht Woch war ech zu Washington op de "**Spring Meetings**" vum **Fonds monétaire international (FMI)** an der Weltbank.

Ech hat do d'Méiglechkeet eng Rei vun Échangen ze hunn **mat mengen Homologuen an de Responsabelen vum FMI an der Weltbank.**

Den allgemenge Konsens ass, dass Perspektiven fir di nächst Joeren **éischer schlecht**, an **d'Onsécherheeten grouss sinn**. Dat souwuel um geopolitesche, wéi um ekonomesche Plang.

D'Kristalina Georgieva, d'Generaldirektesch vum FMI, rechent **mat engem grouse Réckgang vun der Croissance fir d'Welt-Wirtschaft**. Fir Lëtzebuerg huet den FMI seng **Prognos** ëm ganzer **2 Prozentpunkten** erofgeschrauft.

a. Dat ökonomescht Ëmfeld

Wéi gesäit et an der Eurozon aus?

An der Eurozon gouf fir d'Joer 2021 en Wuesstum vun **5,1% enregistréiert**. Virun der russescher Invasioun sinn dofir déi allermeeschten Ekonomisten dovunner ausgaang, dass d'Normaliséierung um sanitäre Plang sech **weider positiv** op d'wirtschaftlech Entwécklung **géif auswierken**.

Et war een och dovun ausgaangen, dass **d'Enkpäss an den Liwwerketten sech kéinten opléisen, an den Inflatiousdrock mat der Zäit géif erofgoen**. An anere Wieder: d'gesamtwirtschaftlech **Tendenzen hunn endlech erëm an eng positiv Richtung gewisen**.

De Konflikt an der Ukrain huet dës positiv **Dynamik op eng brutal Aart a Weis ofgebremst**.

De Krich féiert elo schonn zu gréissere Verwerfungen, virun allem bei de **Matières premières**, sou dass **d'Energiepräisser op engem héijen Niveau riskéieren ze bleiwen**. Och d'Präisser fir **d'Agrarproduiten an Metaller** sinn staark geklommen.

Dëst alles verstärkt d'Inflatioun. Et belaascht de Ménagen hir Kafkraaft. Ouni déi néideg Previsibilitéit dinn sech d'Chef d'Entreprises méi schwéier ze investéieren an néi Aarbechtsplazen ze kreéieren.

Och op de Finanzmäert mécht d'Nervositéit sech breet. D'Volatilitéit bléift héisch, wat net dozou bäidréit Vertrauen ze schafen.


Wéi ass d'Situatioun zu Lëtzebuerg?

2021 wor vun enger staarker Reprise gepräägt: de PIB ass ëm bal 7% geklomme.

Fir d'Joer 2022 gesäit de STATEC elo eng däitlech Verschlechterung. Eigentlech wor een nach vun engem Wuesstum **vun 3,5% ausgang, elo schrauft de STATEC seng Previsioun op 1,4% erof. 2023 géif den PIB ëm 2,9% wuessen, an sech dann déi nächsten Joren op engem änleche Niveau halen.**

CROISSANCE DU PIB RÉEL (2019-2026)

Source: STATEC, calculs Ministère des Finances




Grafik 1: Evolution du PIB réel

Wat d'Inflatioun ugeet, rechent de STATEC mat 5,2% fir 2022. Dës Schätzung hält och de **positiven Impakt** vun de Mesuren vum Solidaritéitspak mat a Compte. **Fir 2023 soll d'Inflatioun op 1,6% erofgoen.**

Den Aarbechtsmaart zu Lëtzebuerg géif trotzdem nach weider **dynamesch bleiwen**. Hei geet de STATEC vun enger Croissance vun **2,4% aus fir 2022**. Méttelfristeg **wäert d'Croissance** hei bei **2% leien**.

Lëtzebuerg wäert also **trotz de méi schlechten Ëmstänn weider Aarbechtsplaze schafen. De Chômagetaux géif deementspriechend weider falen.**



Grafik 2: Evolution du taux de chômage

Wéi sinn d'Perspektiven fir di Joren drop?

D'wirtschaftlech Situatioun wäert **zum groussen Deel vun der Entwécklung vum Krich an der Ukrain an de weidere geopoliteschen a wirtschaftlechen Repercussiounen ofhänken.**

Mä dat ass **net deen eenzege Facteur**, dee spillt.

Och wa bei ons d'Pandemie **duerch déi héich Impftauxen ënner Kontroll bleift**, ass se um globalen Niveau nach laang net eriwwer. Jiddereen huet **d'Biller vum Lockdown zu Shanghai gesinn**. Wat **d'Konsequenzen op déi global Produktiouns- an Liwwerketten** wäerte sinn, bleift nach ofzewaarden.

Weider musse mir d'Reformen vum **internationale Steiersystem am Beräich vun der Gesellschaftsbesteuerung** am Bléck halen. Lëtzebuerg ënnerstëtzt dës Beméiungen, mä de **konkreten Impakt** op eis Wirtschaft kann **de Moment keen genau virausgesinn**.

D'Situatioun virun där mir stinn ass deemno gepräägt vu vill **Onsécherheet a wéineg Previsibilitéit**.

Dëst dierf ons awer net dovun ofhalen, weiderhin ons **Investissementer héich ze halen**.

b. Héich Investissementer

Ëffentlech Investissementer sinn a bleiwen e **wesentleche Pilier** vun der Budgetspolitik vun der Regierung:

- éischtens fir esou séier wéi **méiglech aus dëser Kris erauszekommen** an,
- zweetens, **fir onst Land op d'Zukunft virzubereeden**.

D'Klima an d'Energie-Transitioun waren fir dës **Legislaturperiod** an och schonn déi virdrun **eng Prioritéit vun der Regierung**. De Krich an der Ukrain weist, dass de Sujet **méi dréngend ass wéi jee**. Hei musse mir net nëmmen zu Lëtzebuerg, mä an der ganzer Unioun a weltwäit, **déi néideg Efforten** maachen, sou wéi dat och d'lescht Woch zu Washington ëmmer erëm ënnerstrach ginn ass.

Mat engem Invest vun op mannst **3 Milliarden pro Joer** oder iwwer **4% vum PIB**, bleift **Lëtzebuerg e Virreider an Europa**, an investéiert massiv an den Ëmwelt- a Klimaschutz, an d'Mobilitéit, an de bezuelbare Wunnraum, an d'Santé, an an d'Education.

ÉVOLUTION DES NIVEAUX DE L'INVESTISSEMENT PUBLIC

Source: Ministère des Finances, STATEC



Grafik 3: Niveaux de l'investissement public

Dës Prioritéiten sinn och reflektéiert an der nationaler Ëmsetzung vum europäesche **Plan pour la reprise et la résilience** – kuerz gesot : **PRR**.

Dëse Plang besteet aus enger **Panoplie u Reformen** an Investitiounen, déi eis **Wirtschaft a Gesellschaft méi nohalteg a méi résilient opstellen**, an besser op déi gréng an digital Transitioun **virbereeden**.

Am PNR - de *Programme national de réforme* - dee vum Wirtschaftsminister präsentiert gëtt, fannt dir **dëst Joer fir d'éischte Kéier e Kapitel dat eng d'Bestandsopnam vum Lëtzebuerger PRR mécht.**

Et ass esou, dass fir all eenzele Projet deen am PRR opgelëscht ass, **all Land muss eng Rëtsch "Milestones & Targets" erfëllen, fir dass déi europäesch Gelder fléisse kënnen.**

D'Arbechten sinn hei um gudde Wee. Iwwer d'Hallschent **vun dëse "Milestones & targets" sinn erreecht**, respektiv amgaang finaliséiert ze ginn. Un deenen **anere schaffe mer nach**, fir se alleguer am Laf vun der Period 2022-2026 erfëllen.

Ech géif Iech dann elo d'Eckwäerter vum PSC presentéieren.

II.D'ECKWÄERTER VUM PSC 2022

a. Administration centrale

Wann een sech d'Zuelen fir den Zentralstaat ukuckt, **da stellt een als éischt emol fest, dass d'Staatsfinanzen sech d'lescht Joer stark erholl hunn.**

2021 schléisst de Zentralstaat nämlech mat engem Defizit vun **“nëmmen nach” 326 Milliounen Euro** of, während de Budget fir dat selwecht Joer vun **engem Defizit vun 2,7 Milliarden Euro** ausgoung.

Et hätt een **eigentlech kënnen dovunner ausgoen, dass dës positiv Tendenz sech weider entwéckelt hätt**, an 2022 och besser ausgefall wär, wéi erwaart.

Mam Krich an der Ukrain huet sech dat ganzt ekonomeschtt Ëmfeld awer elo gedréint.

D'Recetten verléieren éischtens un Dynamik, well d'Konjunktur un Otem verléiert.

Zweetens, wäerten d'Mesuren vum Solidaritéitspak, an dem Energiedësch, e wesentlechen **Impakt** op ons Staatsfinanzen hunn.

ÉVOLUTION DU SOLDE DE L'ADMINISTRATION CENTRALE

Source : Ministère des Finances, STATEC



Grafik 4: Evolution du solde de l'administration centrale

Stand haut ginn mir dovunner aus, dass de Solde vum Zentralstaat dëst Joer bei -1,6 Milliarden Euro leie wäert. Dat ass eng Verschlechterung par Rapport zum Budget vun dësem Joer.

Iwwer d'Lafzäit vum PSC gesäit een eng **progressiv Verbesserung vum Solde vum Zentralstaat. D'Richtung stëmmt also. Mä mir musse virsiichteg bleiwen : mir hunn iwwer déi ganz Period weider en Defizit.**

b. Administration locale

De Gemengesecteur huet 2021 en Iwwerschoss vu ronn **70 Milliounen Euro ausgewisen**. Laut dem PSC géif dee Secteur 2022 mat engem Solde vu knapp **200 Milliounen Euro ofschléissen**, an déi Joren duerno och weiderhin am Plus bleiwen.

c. Sécurité sociale

Bei der Sécurité sociale gëtt 2022 e Plus vu **900 Milliounen Euro erwaart**, änlech wéi 2021. **D'nächst Joer géif dësen Iwwerschoss erofgoen**, an zwar op **745 Milliounen Euro**.

D'Chiffren aus dem PSC entsprechen deenen aus dem Rapport vun der *Inspection générale de la sécurité sociale (IGSS)*, déi de Minister Haagen gëschter presentéiert huet. **Se confirméieren, dass méttelfristeg den Trend no ënnen weist.**

Dat ass haaptsächlech doduercher z'erklären, dass den Employeemanner staark wisst, an **d'Cotisationen an Zukunft manner séier klammen wéi d'Depensen**.

d. Administration publique

Wéi gesäit **d'Bild am Gesamtstaat** aus, wou d'Zuelen aus dem Zentralstaat, der Sécurité sociale an de Gemengen alleguer beienee kommen ?

Och hei stellt een als alleréischt emol eng staark Verbesserung am Joer 2021 fest.

D'ëffentlech Recetten klammen zesummen em **bal 13%**, während d'Depensen ëm nëmmen **2,4% gewuess sinn**, am Verglach mam Krisejoer 2020.

Duerch dee positive Schéiereffekt huet de Gesamtstaat d'Joer 2021 mat engem **Plus vun 650 Milliounen Euro respektiv +0,9% vum PIB** ofgeschloss. Dat ass **dat bescht Resultat an der Eurozon !**

Wéi ech scho virdrun erkläert hunn, wësse mer, dass et dëst Joer wäert anescht sinn. Fir 2022 rechne mer am Gesamtstaat mat engem **Minus vun knapp iwwert enger halwer Milliard Euro.**

Schonn d'nächst Joer géif den Defizit awer erëm liicht ofgebaut ginn, an dann bis 2026 progressiv un den Equiliber erukommen.

ÉVOLUTION DU SOLDE DES ADMINISTRATIONS PUBLIQUES

Source : Ministère des Finances, STATEC



Grafik 5: Evolution du solde des administrations publiques


e. Staatsschuld

Déi negativ Auswierkungen vun deene successive Krisen spigele sech och um Niveau vun der Staatsschuld erëm.

Lëtzebuerg huet haut déi zweet niddregsten Schold an Europa.

DETTE PUBLIQUE (ZONE EURO - 2021)

Source : Commission européenne (AMECO), Ministère des Finances



Grafik 6 : Dette publique

Ouni de Krich an der Ukrain hätte mer an deenen nächsten Joren d'Schold och weider progressiv eroffuere kënnen.


Vu déi héich Depensen, déi eis hëllef, duerch dës nei Kris ze kommen, wäert dat elo awer net sou séier méiglech sinn.

Sou wéi ech dat d'lescht Woch a menge Gespréicher zu Washington feststelle konnt, **ass Lëtzebuerg iwweregens net eleng an där Situatioun.**

Ons Staatsschold wäert d'nächst Joer an absolutten Zuelen bei 20,8 Milliarden Euro leien, a bis 2026 op 23,7 Milliarden eropgoen.

Dobäi däerf een awer net vergiessen, dass och eis Wirtschaftsleeschtung all Joer klëmmt, - op iwwer 90 Milliarden am Joer 2026 laut STATEC – sou, dass **par Rapport zum PIB, d’Staatschold sech iwwer déi ganz Period ronderëm 26% stabiliséiere wäert.**

Domadder leie mer zu all Moment ënnert dem Plaffong vun 30%, deen am Regierungsprogramm festgehalten ass. A mir leien wäit ënnert den 60%, déi an den europäeschen Texter virgesi sinn.



Grafik 7: Evolution de la dette publique

Dat sinn iwweregens keng abstrakt Limiten, mä konkret Referenzen, un deenen Lëtzebuerg och international gemooss gött.

Nëmmen, wa mer d'Schold – par Rapport mam PIB - weider am Grëff halen, kënne mer dovunner ausgoen, dass **d'Ratings-Agencen Lëtzebuerg och a Zukunft den AAA** mat stabiller Perspektiv confirméiere wäerten.

Ech wëll och dorobber hiweisen, dass **d'Zäiten an deenen Länner sech konnten zu negativen Zënsen refinanzéieren, op en Enn komm sinn.**

Mir müssen eis also dorobber astellen, dass deen nächsten **Emprunt, deen d'Trésorerie wäert ophuelen** - an dat kéint nach virum **Summer de Fall sinn - erëm positiv Zënsen wäert kaschten.**

Ier ech zu menger Conclusioun kommen, wéilt ech nach e puer Wuert zum Europäesche Kader soen.

D'Reegelen vum Stabilitéitspakt sinn zënter 2020 ausgesat.

Och fir 2022 gëllt weiderhin de Prinzip, dass **d'EU-Memberstaaten alles solle maachen, fir d'Post-COVID Relance ze stäipen.**

Gläichzäiteg lafen Gespréicher am Eurogroup an am Ecofin, fir de **Stabilitéitspakt ze reforméieren** a besser op d'Defien vum 21te Joerhonnert unzepassen. Lëtzebuerg ënnerstëtzt des Beméiungen fir d'Budgetsreegelen ze iwwerdenken.

Och op dësem Punkt huet de Krich den Echéancier op d'Kopp gehäit, well :


- éischtens ass et **net kloer op d'Reegelen fir 2023 weider sollen ausgesat bleiwen ;**
- zweetens gëtt et **bis elo nach keng konkret Reform** Proposition vun der EU-Kommissioun.

Lëtzebuerg bleift awer senger traditioneller Linn trei: mir halen d'Reegelen schonn 2023 erëm komplett an, also vun deem Zäitpunkt un, wou de Stabilitéitspakt theoretesch nees kéint spillen.

Dat heescht konkret, dass de **sougenannten “Objectif budgétaire à moyen terme” - den OMT - 2023 integral respektéiert gëtt,** esou wéi dat am Koalitiounsprogramm virgesinn ass.

ÉVOLUTION DU SOLDE STRUCTUREL DES ADMINISTRATIONS PUBLIQUES

Source : Ministère des Finances, STATEC



Grafik 8 : Evolution du solde structurel des administrations publiques

Ech wëll och ënnersträichen, dass duerch dëse PSC de Niveau vum OMT nei fixéiert gött, an zwar op 0%. Lëtzebuerg huet sech dobäi – sou wéi d’Regierung dat nach ëmmer gemaach huet – un dee Minimalwäert gehalten, deen d’Kommissioun virgerechent huet.

CONCLUSIOUN

Här President,

Dir Dammen an Dir Hären,

Mir hunn d'Pandemie nach net ganz hannert eis, an hu gläichzäiteg mat enger **Rekord-Inflatioun**, an **engem brutale Krich** matzen an Europa ze dinn.

Doriwwer eraus däerfe mer d'**Klimakris**, an **déi gesellschaftlech Erausforderungen**, och **déi vun der Digitalisatioun**, net vergiessen.

A sou enger Situatioun ass et fir mech **als Finanzministesch wichtig**, eng **duerchduechten a responsabel Budgetspolitik** ze maachen.

Responsabel sinn, dat heescht an **dëser Situatioun net sou ze maachen**, wéi wann alles beim ale wär.

Maachen mir ons näischt vir: **Kee Mënsch ka soen**, wéi et an den nächste Méint **wäert weidergoen an der Ukrain**, a **wat déi laangfristeg Konsequenzen dovunner wäerte sinn**. Mir müssen also **Spillraum halen**.

Responsabel sinn, dat heescht **gewëssenhaft mat de Steiergelder ëmgoen**. Net dovun ausgoen, dass **d'Recetten an den Himmel wuessen**, an oppassen, dass mir **d'Depensen am Grëff halen**.

Responsabel sinn, dat heescht dofir suergen, dass aus enger geopolitescher Krise net eng déif Wirtschaftskris gëtt. Dat heescht déi néideg Mesuren huelen an Hëllef bereet stellen, fir d'Entreprise kompetitiv ze halen, an Arbeitsplazen ofzesécheren.

Responsabel sinn, dat heescht de Mënsch an de Mëttelpunkt ze stellen. D'Kafkraaft erhalen, dat soziaalt Netz weider stäerken, mat cibléierten Hëllef, fir déi **Leit ze ënnerstëtzen**, déi et am meeschten brauchen, sou wéi mer dat am **Solidaritéitspak virgesinn** hunn.

Responsabel sinn, dat heescht virun allem, d'Zukunft virbereeden. Dofir hält d'Regierung och déi nächst Joren d'Investissiounen héich, besonnesch am Beräich vun der digitaler a grénger Transitioun. **Fir dass och laangfristeg, sou wéi de Programm et seet, Stabilitéit a Croissance zu Lëtzebuerg garantéiert sinn.**

Ech soen Iech merci.